1-2020-0-2-6677-01 (n°3633)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE

22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc & CLEMENT Sven

Aktualitéitsstonn iwwert de Spionageskandal mat der Software "Pegasus"

Lëtzebuerg, den 19/10/2021

1

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Duerch d'Opklärungsaarbecht vun engem internationale Journalistennetzwierk ass un d'Luucht komm, dass déi israelesch Firma NSO Group eng Spionage-Software mam Numm "Pegasus" u staatlech Organisatioune verkeeft.
- D'Software gëtt, laut NSO, ausschliisslech u staatlech Institutioune verkaf, déi an der Terrorismusbekämpfung aktiv sinn.
- D'Spyware kann iwwert een "Zero Click Exploit" op Handyen installéiert an deinstalléiert ginn, ouni, dass de Besëtzer dovunner eppes matkritt. Esou kënnen d'Affer ausspionéiert ginn, ouni, dass si eppes dovunner matkréien.
- D'Spyware gouf net nëmme fir d'Bekämpfung vun Terrorismus benotzt, mee och op Handye vu Journalisten, Mënscherechtsaktivisten an Oppositiounspolitiker erëmfonnt.
- Wéinst der Confidentialitéit ronderëm d'Spyware ass net gewosst, ob lëtzebuergesch Journalisten, Mënscherechtsaktivisten a gewielte Volleksvertrieder ausspionéiert ginn.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. an enger Kommissiounssëtzung am Huis clos den Deputéierten Informatiounen ze liwweren iwwert den Akaf an d'Benotzung vun Iwwerwaachungs- a Spionagesoftware duerch d'Justiz an d'Exekutiv.

Sven CLEMENT

Marc Goergen